



# MENG PENSIONN EINFACH ERKLÄERT

Wann ech op d'mannst 10 Joer fir e Loun geschafft hunn, kréien ech eng Pensionn.




Fir meng Rechter op eng Pensionn opzebauen, ginn all Mount 24% vu mengem brutto Loun an déi staatlech Renteverseicherung abezuelt.




Régime légal vun der Rentekeess

## DÉI 24% IWWERHUELEN ECH AWER NET ELENG...


Régime général VS Régime spécial



Bei identeschem Loun, sinn am Régime général d'Bäitrag op 5x de Mindestloun limitéiert. Alles wat driwwer geet, gëtt net cotiséiert. Am Régime spécial sinn d'Bäitrag net limitéiert.




Dee ganze System ass solidaresch opgebaut. Meng Bäitrag finanzéieren d'Pensionne vun deenen, déi elo pensionéiert sinn.



## WAT GESCHITT MAT MENGE BÄITRÄG?

Régime général VS Régime spécial




Wann am Régime général méi Bäitrag erakommen ewéi Pensionn ausbezuelt ginn, da geet den Iwwerschoss an de Kompensatiionsfong. Am ëmgedréite Fall kann de Fong och d'Differenz ausgläichen.

Am Régime spécial gëtt d'Differenz iwwer de Staatsbudget ausgeglaach.

## WÉI GËTT MENG PENSIONN GERECHENT?


Meng Pensionn setzt sech aus engem fixen an engem variablen Deel zesummen. De fixen Deel bezitt sech op d'Unzuel u Joren déi ech geschafft hunn. De variablen Deel bezitt sech op mäi komplette Loun deen ech während menger aktiver Zäit verdéngt hunn a fir deen ech cotiséiert hunn. Dobäi kënn nach eng Joresendzoulag vu maximal 958,92€.

Meng Pensionn klëmmt duerch den Indexmechanismus automatesch a gëtt sou un d'Präisdeierecht ugepasst. All Joer gëtt meng Pensionn och un d'Entwécklung vun de reelle Léin ugepasst.



## KANN ECH MENG PENSIONN ERHËIJEN?

Déi staatlech Renteverseicherung ass de Grondstee vu menger Pensionn an de sougenannten éischte Pilier. Zousätzlech ka mäin Employeur mir am Privatsektor fräiwëlleg eng Zousazpensionn ubidden. Dat gëllt och fir Fräiberuffler. Dat ass den zweete Pilier. An da kann ech och selwer nach an eng Zousazpensionn abezuelen. Dat ass den drëtten Pilier.



## WÉINI KANN ECH AN D'PENSIONN GOEN?

Wann ech op d'mannst 10 Joer geschafft hunn, kann ech mat 65 Joer an d'Pensionn goen. Mat 60 Joer kann ech an d'Pensionn goen, wann ech bis dohinner 40 Joer geschafft hunn. Unerkannt ginn och d'Studien an déi sougenannte Baby Years. Ech kann och mat 57 Joer an d'Pensionn goen, wann ech bis dohinner 40 Joer geschafft hunn.

